



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Häre Minister fir sozial Sécherheet a fir Schoul weiderzeleeden.

Et schéngt esou ze sinn, datt fir déi Kanner, bei deene Sproochschwieregkeeten eréischt an engem Alter iwwer 7 Joer festgestallt ginn, d'Orthophonie-Séancen net rembourséiert ginn. Mä fir déi, wéi och fir déi méi jonk Kanner, ass déi Therapie ganz wichteg fir hir Entwécklung, well hir Schwierigkeeten hunn dacks grouss Konsequenzen och op hir schoulesch Leeschtungen.

Dobäi muss ee wëssen, datt déi Schwierigkeeten dacks eréischt am 2. Zyklus vun der Grondschoul detektéiert ginn, well d'Kanner sech do scho méi fräi a méi artikuléiert sollen ausdrécken.

Wuel gëtt et Méiglechkeete fir eng Behandlung och nach an dem Alter, mä anscheinend net genuch. D'Prozeduren, fir iwwerhaupt esou eng Behandlung ze kréien, solle laangwiereg a bürokratesch sinn. Déi Behandlungsméiglechkeeten déi offréiert ginn, schéngen och net ëmmer de Besoinen ze entsprechen.

Dowéinst wollt ech deenen Häre Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Behandlungsméiglechkeeten am Beräich vun der Orthophonie ginn am Abléck hei am Land offréiert? Wéi eng gi vun der Education nationale iwwerholl oder vun der CNS rembourséiert an ënner wéi enge Konditiounen?
2. Wéi eng Tester ginn a wéi engem Alter gemaach fir eventuell Defizienzen an deem Beräich festzustellen, speziell och fir Kanner vu 7 Joer un? Wéi eng Behandlungsméiglechkeeten offréiert de Staat an där Alterskategorie a wien dréit dofir d'Käschten?

3. Gëtt et genuch Spezialisten an Infrastrukturen an deem Beräich, fir ze garantéieren, datt d'Kanner séier kënne behandelt ginn? Wéi ass déi aktuell Situatioun?

4. Wéi eng Prozedure mussen déi Eltere befollegen, déi e Remboursement vun de Käschte fir eng Behandlung am Beräich vun der Orthophonie wëlle froen? Kann de Staat déi Prozedure vereinfachen oder eventuell esouguer d'Gratuitéit assuréieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten